PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/07/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Wéi *Der Spiegel* an engem Artikel vum 23te Juli 2021 beriicht, wäert d'D*eutsche Bahn* a Kooperatioun mat aneren europäeschen Eisebunnen ab Dezember nei europäesch Verbindunge fir Nuetszich ubidden. De Spriecher vun der *Deutsche Bahn* sot zu däser Approche Folgendes:

> *"Wenn in Europa jeder ein bisschen Nachtzug macht, dann ist damit der Zukunft des Nachtzugs wenig gedient."*

A fréiere parlamentaresche Froen (n°900 & 1388) hat ech de Minister ëm d'Erëmaféiere vu Nuetszuch-Verbindungen zu Lëtzebuerg befrot. Op dës Froen hat de Minister mir allerdéngs kloer ze verstoe ginn, dass Lëtzebuerg wéineg Potenzial fir esou Zich hätt. Eng änlech Äntwert huet de Minister an der Äntwert op d'Fro n°3519 ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kéint een d'Potenzial fir Nuetszich verbesseren, andeems d'lëtzebuergesch Regierung dës Form vu Reese méi géif promouvéieren an ënnerstëtzen?

2. Gouf d'CFL vun aneren europäeschen Eisebunne kontaktéiert, fir un europäeschen Nuetsverbindungen deelzehuelen?

3. Kéint d'Regierung sech virstellen d'Tickete fir Nuetszich ze subventionéieren, wann domadder Kuerzstreckeflich kéinten ersat ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député